1-2020-O-J-6281-01 (n° 3427)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Projet de Loi 7752

Lëtzebuerg, den 29/01/2020

2

# Motioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest:**

- dass d'Covid-19-Pandemie an déi domat verbonne sanitär Mesuren en net negligéierbaren Impakt op d'Wirtschaft hunn;
- dass et besonnesch wichteg ass kleng a mëttelstänneg Betriber finanziell ze ënnerstëtzen, fir d'Villfältegkeet vun der Lëtzebuerger Wirtschaft oprecht ze erhale wärend an och no der Kris;
- dass et fir d'Betriber wichteg ass, Previsibilitéit a Finanzfroen ze hunn;
- dass net ze erwaarden ass, dass sech d'wirtschaftlech Situatioun bis Enn 2021 esou wäit wäert stabiliséiert hunn, dass d'Betriber am Land net méi op Bäihëllefen ugewise wären;
- dass d'Europäesch Kommissioun beschloss huet, deen um 19. Mäerz 2020 erloosse Kader fir staatlech Bäihëllefen zur Protektioun vun der Wirtschaft face vum COVID-19 bis zum 31. Dezember 2021 ze verlängeren.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:**

1. ze envisagéieren, zäitno d'Lafdauer vun de Bäihëllefe fir ongedeckte Käschte bis den 31. Dezember 2021 ze verlängeren.

Sven CLEMENT